

Evangelium vum 10. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)

Mt 9,9-13

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

9 Där Deeg een huet de Jesus e Mann, dee Matthäus geheescht huet,
beim Oktroishaische sëtze gesinn,
an hie sot zu him: "Komm mir no!"
Dunn ass de Mann opgestan
an ass him nogaang.

10 A wéi de Jesus am Haus bei Dësch war,
kuck, du si vill Steierandreiwer a Sënner komm
an hunn sech mat him an senge Jünger un den Dësch gesat.

11 D'Pharisäer, déi dat gesinn hunn,
soten zu de Jünger:
"Firwat ässt äre Meeschter mat de Steierandreiwer an de Sënner?"

12 De Jesus awer huet et héieren
a sot: "Et sinn net déi Gesond, déi en Dokter brauchen,
ma déi Krank.

13 Dir awer gitt a léiert,
wat et heescht: *Baarmhärzegheet wëll ech, an net Affer!*
Ech sinn nämlech net komm, fir déi Gerecht ze ruffen,
ma d'Sënner."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

ⁱ Hos 6,6.